Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 43 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel ist die Erhaltung der heimischen Artenvielfalt und der naturnahen Lebensräume. Neben Landschaftspflegearbeiten ist die Wiederherstellung von Lebensräumen ein Schwerpunkt der Arbeit von SICONA.

12, rue de Capellen L-8393 Olm - T: 26 30 36 25 - E: administration@sicona.lu – sicona.lu

Die Obstbaumschnittschule ist eine überregional tätige Ausbildungsstätte im Bereich des naturgemäßen Obstbaumschnitts. Anfänger wie auch Profis erhalten Wissen und Fertigkeiten, um Obstbäume gesund und ertragreich zu halten. Durch praxisorientierte Kurse, umfassende Seminare und erfahrene Ausbilder bietet die Obstbaumschnittschule fundierte Ausbildungen, die auf nachhaltige und schonende Methoden setzen.



E: info@obstbaumschule.de – obstbaumschule.de

AGENDA

MANIFESTATIONS

Januar

04.01. _____ **Sonndes**

18. RÉIDENER WANTERLAF
am Atert-Lycée zu Réiden
Org. Réidener Wanterlaf a.s.b.l.

16. +17.01. _____ **Freides a Samschdes**

WANTERCONCERT:
TEN YEARS IN YOUR EARS
zu Nojem
Org. Nojemer Musik

24.01. _____ **Samschdes**

CHEESE & WINE
an der Aula zu Réiden
Org. Swimming Club Redange

Februar

07.02. _____ **Samschdes**

KANNERFUESBAL
an der Aula zu Réiden
Org. D'Bulle rullen zu Réiden a.s.b.l.

21.02. _____ **Samschdes**

BUERGBRENNEN
zu Nidderpallen beim Wäschbuer
Org. D.T. Jeunesse Niederpallen

22.02. _____ **Sonndes**

BUERGBRENNEN
zu Osper
Org. Gudd Noperen vun Osper Räichel
an der Elz a.s.b.l.

Nojemer Musik spillt

Freideg

16.

Januar

Samschdeg

17.

Januar

2026

Ten years in your ears

Direktioun: Fränz BREGER / Leana SEALY

Ufank: 20h

NOJEM

Wanterconcert

Entrée ass fir e gudden Zweck!

Owes gött waarm Kichen zerwéiert!

Reservatioun vun de Plaazen beim Tania Graas um

Tel. 691675928 (no 16h) oder op nojemermusik@gmail.com

NEW



Cheese & Wine 3. Edition

24. Januar 2026 ab 18.30h
An der Aula zu Réiden

Formule: 1 Teller Kéis mat 1 Glas Wäin (oder Softdrink)

15 € - Kanner (bis 12 Joer)

30 € - Erwuessener oder

50 € - Koppel

Obligatoresch Umeldung bis spëtstens den
15. Januar

lwwerweisung  LU79 0090 0000 0133 9605

oder

Payconic  +352 621 500 515

mam Vermierk:

Cheese&Wine + Numm +
Unzuel vu Kanner an Erwuessener



14H-18H

07.02.2026

KANNER FUESBAL

KANNERANIMATION
AULA-RÉIDEN TOMBOLA



FIR Iessen an DRénken
ass gesuergt
Entrée : Kanner 3 € /
ERWUessener 5 €

ORG.: D'BULLE RULLEN ZU RÉIDEN A.S.B.L.
RCS : F11816



BUERG BRENNEN

ZU NIDDERPALLEN
BEIM WÄSCHBUER

**SAMSCHDEG,
21.02.2026**

AB 18:00 AUER
MAT MUSEK AM ZELT

**IESSEN &
GEDRÉNKS**

UM 19:00 AUER GINN
D'BUERGE GEBRANNT

NEW

KANNERBUERG

SAMSCHDES AB 9:00 AUER
WÉCKELE MIR ZESUMME MAT DE
KANNER D'KANNERBUERG
BEIM WÄSCHBUER

MÉTTES GI MIR MAT DER
KANNERBUERG DUERCH
D'DUERF

BUERGEBRENNEN

FETE DES BRANDONS

OSPER



22.02.2026



Take Away méiglich

Ierzebulli

Geméiszopp

Wupp mat Sauerkraut

Polyvalent ab 17h00

Fakelzuch 18h30

**Buerg gëtt um 19h00 gebrannt
(Dir. Hueschtert)**

**Samsdes ab 9h00 komme mir
lanscht d'Material sichen**



A votre service pour réparations toutes marques
Location camionnettes
Vente et réparation remorques

ANSSEMS - DEBON CHEVAL LIBERTE - SYMA - LIDER

1a rue principale L-8540 OSPERN tél. 26322829 info.philcars@pt.lu

INTER TOITURE

BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: +352 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu . www.intertoiture.lu

DAT GOUF GEFEIERT



21. November 2025

Hochzäit vum Nicole Weyrich & Gilbert-Pierre Dhaene

DAT WAR LASS



KLENG- DÉIEREN

Feierlech Ouverture vun der 44. internationaler Expo vun de Klengdéiere vum 25. bis de 26. Oktober, a Presenz vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau Martine Hansen a verschiddene Gemengevertrieder. An dësem Kader gouf och e ganz besonneschen Anniversaire gefeiert: 95 Joer Klengdéierenziichter Réiden/Atert!

Vill interesséiert Visiteure waren op der Plaz a konnten sech vun der Vielfalt vun der Klengdéieren-Ausstellung iwwerzeegen. D'Klengdéierenziichter Réiden/Atert soe Merci a freeën sech schonn op déi nächst Editioun!

Foto: Privat



10 JOER LEADER AM WËLLE WESTEN

Wéi feiert een am Beschten eng ganz Regioun?

Mat vill Häerz, engem Bus voll engagéierte Mënschen, mat Geschicht am Gepäck an enger gemeinsamer Zukunftsvisioun!

Den 11. Oktober huet de LEADER Wëlle Westen säin 10. Anniversaire gefeiert. D'Christiane Thommes-Bach, Presidentin vum LEADER-Grupp, huet d'Gäschft am Amphitheater zu Gréiwels empfaangen, éier et mam Bus op eng Rees duerch d'Regioun gaangen ass.

Den éischte Stopp war zu Bilschdref am Keramikatelier, ee vun den éischten LEADER-Projeten aus de 1990er Joren, deen nach haut Léit zesummebréngt. D'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Rammerech, Myriam Schaack-Binck huet d'Gäschft empfaangen éier de Fränz Jacques de Grupp begrüsst, a mat vill Begeescherung duerch den Atelier gefouert huet.

Duerno goug et op Biekerech bei d'Kulturmillen an de Camille's Gaart, wou de LEADER-Grupp en Äppelbam geplazt huet. All Buergermeeschtesch an Buergermeeschter vun de néng Membersgemengen vum LEADER Wëlle Westen huet e Filzapel un de LEADER-Bam gehaangen – e staarkt Zeeche fir den Zesummenhalt an d'Engagement an der Regioun!

De feierlechen Ofschloss war zu Randschelt an der Scheier vum Musée Thilenvogtei. Nieft der Presidentin Christiane Thommes-Bach, hunn och de Paul Engel, Buergermeeschter vun der Gemeng Groussbus-Wal, an d'Martine Hansen, Ministesch fir Landwirtschaft, d'Roll vun LEADER als Motor fir d'Regionalentwicklung ënnerstrach.

Zesummen mat LEADER konnt am Wëlle Westen an de leschten 10 Joer vill beweegt, entwéckelt a verbonne ginn. Elo freeë mir eis op déi nächst zéng Joer voller neier Iddien a Projeten - vu Mënschen aus der Regioun, fir Mënschen an der Regioun!

Dir fannt Informatiounen iwwert d'Regioun, d'Projeten an Ënnerstëtzungsméiglechkeeten op www.leader.lu


Abonnéiert LEADER Lëtzebuerg och op Facebook an Instagram






VORSICHT VOR PHISHING PER SMS, E-MAIL ODER TELEFON!

1




Der Betrüger gibt sich als vertrauenswürdiger Dritter (staatliche Behörde, Bank...) aus und sendet Ihnen einen Link per SMS oder E-Mail. Er kann sogar mit einer **gefälschten luxemburgischen Nummer** anrufen.

2



Die erhaltene Nachricht ist besorgniserregend (z. B. illegale Bankabhebungen) **oder attraktiv** (Steuerrückerstattung, Auszahlung von Prämien...) und fordert zum **Klicken auf einen Link** auf.

3



Dieser Link führt zu einer **betrügerischen Website** mit dem Ziel, **Ihre persönlichen Daten zu stehlen**.

Ratschläge zur Vorbeugung:

- **Geben Sie niemals Informationen und persönliche Daten an Fremde weiter**, oder nach denen Sie per E-Mail, SMS oder anderen Nachrichtendiensten gefragt werden.
- **Klicken Sie nie auf einen Link**, der Ihnen von einer **unbekannten Quelle** geschickt wurde.
- Seien Sie misstrauisch bei Nachrichten oder Anrufen, die Sie zu einer schnellen Reaktion auffordern.
- **Lassen Sie sich niemals zu einer Zahlung oder zur Übermittlung Ihrer Daten drängen**, und nehmen Sie sich stets die Zeit, solche Anfragen zu hinterfragen.
- **Prüfen Sie immer, ob die Nachricht persönlich an Sie gerichtet ist**, bzw. ob sie **Fehler** oder **falsche Übersetzungen** enthält.
- Seien Sie sich bewusst, dass seriöse Organisationen und Unternehmen Sie niemals dazu auffordern, persönliche Daten per E-Mail zu senden.

Wenn die Herkunft einer Nachricht oder eines Anrufs unklar ist und/oder Zweifel bestehen, wenden Sie sich zunächst über die üblichen Kommunikationsmittel an das betreffende Unternehmen, um zu überprüfen, ob es sich um einen Betrug handelt oder nicht.

Wenn Sie Opfer eines Betrugs geworden sind, wenden Sie sich an eine unserer Polizeidienststellen, um Anzeige zu erstatten.





1.500 EURO UN DE „PLOOSCHTER PROJET“, IWWERREECHT

Foto & Text: Charles Reiser

Nobel Geste vun der Gaart an Heem- Sektoun Réiden

Redingen/ Attert: Deslescht hunn sech d'Virstandsmemberen vun der der Gaart an Heem- Sektoun Réiden / Attert am Kader vun hirem traditionellen Hierkenowend, den 21. November, am Festsall zu Oस्पern vun hirem soziale Sait gewisen. Si hunn nämlech e Scheck iwwert 1 500 Euro un de Gérard Peters fir de Plooschter Projet iwwerreecht. Dës Sue stellen den Deel Erléis vum Hierkenowend 2024 duer. Mat engen grouse Merci fir de schéine Geste, huet den Här Peters de Plooschter Projet kuerz virgestallt, wou dës Suen integral an d'Forschung vun de Stammzellen am Kampf géint Leukemie och wierkungsvoll investéiert ginn .

KROPEMANNS THEATER



**Kropemannstheater DVD
oder Stick, fir 10,00€ ze
kréien op der Gemeng.**

**Bestellung:
Philippe FABER 26 004 -1**

JOURNÉE COMMÉ- MORATIVE

Fotoen: Léon Rasqué



35 ANS SYNDICAT KANTON RÉIDEN

Foto: Charles Reiser

Le Syndicat Kanton Réiden fête ses 35 ans : un modèle de coopération intercommunale

Le 24 octobre 2025, les représentants des neuf communes membres ont célébré 35 ans de solidarité et de coopération intercommunale, en présence de quatre ministres, de députés, de représentants de ministères, d'organisations partenaires et de collaborateurs du Syndicat du Kanton Réiden.

Une belle occasion de revenir sur le parcours remarquable de cette structure pionnière et de se tourner résolument vers l'avenir.



DAG VUM BAM

Text: Sicona - Naturschutzsyndikat

Dag vum Bam mat de Schoulkanner zu Lannen

D'Schüler aus der Primärschoul hunn uerdentlech mat ugepak bei der Bamplanzaktioun zu Lannen an der Gemeng Réiden/Atert. Déi eng hunn d'Lach gegruewen an déi aner de Bam gesat. Mat dëser Aktioun gëtt de Kanner gewisen, wéi vill Aarbecht dohannert stécht an datt d'Erhale vun de Bongerte wichteg ass fir haut an d'Zukunft.

Nëmmen heemesch Uebstbamzorten, d.h. Äppel, Mirabellen, Quetschen oder Kiischten, si fir de neie Bongert ausgewielt gi fir déi typesch Aartevillfalt bei eis ze erhalen. Vill verschidden Déieren an Insekten liewen an a vum Bongert. Jonk Beem si wichteg mat hire Bléien an dem Uebst an al Beem mat hiren Huelraum vun deenen de Spiecht, de Steekauz oder Gaardeschléifer kënne profitéieren.

Mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng, de Proprietären an dem Ëmweltministère kënnen dës wäertvoll Habitater an eiser Kulturlandschaft fir Mënsch an Déier weider bestoen.





Jugendpompjeeën Réiden



Gemeng Réiden/Atert



Dëschtennis Nidderpallen



Kropemannsfest a.s.b.l.

BAM- CHALLENGE AN DER GEMENG RÉIDEN



Schoul Réiden



Crèche A Butzen - Reichlange



Gaart & Heem Réiden



Réidener Schwemm



Chorale Réiden



Syndicat Musikschoul Kanton Réiden



Club des Jeunes Nojem



Schülerband Nojemer Musik



Chorale Ste Cécile Ospem



Foto: Charles Reiser



DE
KLEESCHEN
WAR EIS
BESICHE
KOMM







MIR SINN ENG FAIRTRADE GEMENG

Fotoen: Charles Reiser

Réiden/Atert gött déi 39. Fairtrade Gemeng

De Kanton Réiden huet eng nei Fairtrade Gemeng! Den 22. Oktober krut Réiden-opder-Atert de Fairtrade Gemeng Zertifikat iwwerrecht an trëtt esou dem weltwäite Reseau vun de Fairtrade Towns bäi. Zu Lëtzebuerg ginn et elo, mat Réiden, schonn 39 Gemengen déi sech fir de fairen Handel aktiv asëtzen, a weltwäit iwwer 2200.

« Dat ass eng Plus-value fir eis Gemeng a fir eis Awunner », huet Danielle Simon-Arendt betount bei der Zertifizéierungsfeier. « Fairtrade ass méi wéi Label, dat ass en Ausdrock vu Verantwortung, an als Réidener Gemeng schléisse mir eis där un. Merci un all d'Geschäftsleit, d'Elterevertriedung, der Grondschoul an der Maison Relais déi sech um Projet bedeelegen an dozou bäidroen, dass mir zesumme mat eiser klenger, mee ganz effikasser Aktiounsgrupp elo haut hei stinn. » Déi éischt Schaffin aus der Gemeng a Coordinatrice vun der lokaler Fairtrade Aktiounsgrupp huet och betount dass « natierlech nach ëmmer Sput no uewen ass » a schonn direkt de Projet op Fairtrade Kotteng iwwer ze goen ernimmt, am Kader vun de Schaffkleeder fir d'Aarbechter oder zum Beispill Handdicher fir d'Maison Relais an d'Schoul. « Wäin a Cremant wäerten ëmmer bei eis lokal bleiwen, huet Sie ofgeschloss, awer alles wat een net lokal kritt a wou d'Méiglechkeet sech bitt, dat wile mir am Fairtrade ! »

2024 huet de Réidener Gemengerot gestëmmt, fir e Grupp ze grënnen, fir eng Fairtrade Gemeng ze gin. Mat engem interessanten Virtrag huet d'Madame Nicole Gorza, Awunnerin vun der Gemeng Réiden/Atert gewissen wat si op hirer Studierrees erliewt huet, an sech der ONG Fairtrade Lëtzebuerg an de Costa Rica bei Ananasproduzenten ugeschloss huet. « Op der Plaz ze gesi wat Fairtrade bedeit ass nach eng aner Saach. Fairtrade steet jo fir gerecht Aarbechtsbedéngungen an dat huet een och gesinn. » Eng selwer erliefte Impressioun vum Impakt vum Fairtrade System, déi Sie haut als Member vun der Aktiounsgrupp mat Leif a Séil eriwuer bréngt: « De Präis deen ee do [bei Fairtrade] bället mécht keng Relevanz wann ee gesäit wat dat op d'Aarbechts- a Liewensbedingungen ausmécht ! »

Als 39. Fairtrade Gemeng zu Lëtzebuerg weist Réiden d'Beispill dass ee mat Wäerter ka weider kommen. Dass ee Respekt vun de Mënscherechter mat der Ökonomie zesumme bréngen kann. Sou d'Schlussfolgerung vum Jean-Louis Zeien, President vu Fairtrade Lëtzebuerg. « Der Gemeng, der Aktiounsgrupp, der Grondschoul a Maison Relais an alle Bedeelegten, e grouse Merci fir hiren Asaz. »

Merci un den Aarbechtsgrupp vum Fairtrade an déi gutt Zesummenaarbecht.

Danielle Simon-Arendt, Nicole Gorza, Nils Floener a Lynn Menster



EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



THE POWER OF THE MANY !



À l'approche des fêtes de fin d'année, le chocolat sous toutes ses formes s'invite toujours à nos tables et dans nos cadeaux. A nous de rendre justice à celles et ceux qui font naître notre gourmandise préférée.

Mission n° 1 : je me décide

Si j'offre du chocolat, alors issu du commerce équitable il sera ! Plus nous serons nombreux à choisir le chocolat Fairtrade, plus notre impact sur la vie des producteurs et travailleurs du cacao sera grand. Du carré du soir à la boîte de chocolats offerte à nos proches, chaque bouchée compte.

Mission n° 2 : je passe à l'action

Facile ! Aujourd'hui, les douceurs Fairtrade sont partout. Et si mon magasin n'en propose pas, je lui en demande. *The future is fair* - dès maintenant avec nos cadeaux et dans nos caddies.

Mission n° 3 : je transforme

Chaque achat responsable change des vies et contribue à démocratiser un modèle économique basé sur le respect. En choisissant des produits Fairtrade, je soutiens des prix justes, des conditions de travail dignes et un avenir durable pour les producteurs et travailleurs.



Albino Riega, producteur et membre de la coopérative NorAndino, travaille dans sa plantation de cacao à Quemazon, au Pérou
©Fairpicture

SOYONS TOUS SOLIDAIRES

Les défis et risques de la filière cacao sont nombreux : travail forcé des enfants, absence d'un revenu vital, violations des droits humains et environnementaux, discrimination des genres, déforestation, dérèglement climatique ou encore crise inflationniste, les producteurs et productrices de cacao ont besoin de notre solidarité et de notre soutien. **Pour les jours des fêtes et toute l'année, restons unis avec les producteurs et travailleurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes.**



AN DER RÉIDENER SCHOUL...



Halloween Party am C1 & C2

Dëst d'Joer ass et am C1 an am C2 grujeleg fir d'Kanner ginn. D'Léierpersonal aus deenen zwee Cyclen hu 7 verschidden Atelieren zesumme fir d'Kanner virbereet gehat, wou si sech konnten ameséieren.

Iwwert Schminken, e Film kucken, e Bild molen oder och e Gesellschaftsspill spille war fir jiddereen eppes dobäi. D'Kanner si fräi ronderëm gaang a konnten selwer entscheeden, wat si gäre géinge maachen.


D'Kanner hunn sech immens gutt ameséiert a mir freeën eis alleguerde schonns op déi nächste Kéier.





De Gruselkeller

Fir gutt an d'Allerhellegevakanz ze starten, hunn d'Klasse vum Cycle 4.2 ee Gruselkeller an Ateliere fir de Cycle 4.1 an de Cycle 3 organiséiert. Déi läscht 5 Woche virun Halloween hunn si erfionnt, gebastelt, organiséiert an opgeriicht fir hire Schoulkumero den eng flott Erfahrung kënnen ze bidden. Si hunn aktiv Verantwortung iwwerholl an deem si an eng Leader-Roll geschlupft sinn an d'Begleedung ewéi d'Ennerhale vun hire Gäscht assuréiert hunn. Vill Luewer kruten si vun de Kanner a vum Léierpersonal, a wee weess, villäicht ass de Fluch am Keller bis d'nächst Joer nach ëmmer net behewen!



AN DER RÉIDENER SCHOUL...



Mir maache Viz

Mir hunn eis eng « al » Précocejoffer, d'Madamm Christiane Wagner-Goedert, geléint, fir Viz ze maachen. Mat vill Gedold huet si eis gewise, wéi dat geet:

Als éischt mussen d'Äppel geraf ginn, dat huet si fir eis mat der Joffer Marylène schonn de Weekend gemaach. Mir hunn se dann an der Schoul gewäsch an a Stécker geschnidden.

Verschieden Äppel waren esou déck wéi ee Ball!

Dobaussen am Haff sinn d'Äppel dann geschreddert ginn. Hei war Muskelraaft gefuerdert a mir hu probéiert, ob mir scho staark genuch sinn.

Et huet eng Zäitche gedauert, bis de Kelter voll war!

Elo koum een Deckel drop a schonn erëm hu mir eis Muskele gebraucht, fir déi geschreddert Äppel ze pressen! Wat hu mir gestaunt, ewéi op emol Viz gelaf koum! Ei, deen huet eis gutt geschmaacht!

Awer gutt, dass d'Joffer Christiane staark Muskelen huet, soss wier et net esouvill Viz ginn;-)

Mir soen hir villmools Merci!





Elterevertrieder 2025-2028

Den 21. Oktober 2025 sinn déi nei Elterevertrieder zu Réiden an der Aula gewielt ginn.

Mir wënschen der neier Ekip vill Erfolleg fir déi nächst 3 Joer.

Kontakt: elteren.grondschoul@redange.lu



CONRATH Mike, AZEVEDO José,
FABER-MENSTER Lynn, GENGLER Nadine, THILL Joyce

MAISON RELAIS SEA BEIESTACK

Merci un d'Marie-Rose Lavina:

Déi ganz Equipe wëll dem Marie-Rose ee grouse Merci soe fir déi flott Zesummenaarbecht, fir säin Engagement, seng Flexibilitéit an d'Stëmmung déi hatt an Equipe bruecht huet.

D' Marie-Rose huet säit 2020 bei eis geschafft an huet mat senger Energie a Passioun zum Sport de Kanner ëmmer erëm flott Beweegungsaktivitéiten ugebueden an ass op hire Beweegungsdrang agaangen. Hatt huet ëmmer probéiert op de Kanner hir Bedürfnisser anzegoen, huet mat hinne gelaacht an awer och de Kanner ee Kader an hir Grenze gesat.

Merci fir déi ganz Aarbecht a Méi déi's du dir gemaach hues, mir si frou an houfreg, dass du een Deel vun eiser Equipe waars.

Mir wënschen Dir weider alles Guddes fir deng Pensioun, genéiss deng Zäit a virun allem vill Spaass beim Pétanque spillen :-)

Merci à Marie-Rose Lavina :

Toute l'équipe remercie du fond du coeur Marie-Rose pour l'agréable travail d'équipe à ses côtés, son engagement, sa flexibilité et sa bonne humeur qu'elle a partagée au quotidien avec chacun d'entre nous.

Marie-Rose a travaillé depuis 2020 à la maison relais, et a, de part son énergie et sa passion du sport, toujours su motiver les enfants à participer à des activités sportives et répondre à leur besoin de mouvement.

Merci pour tout, nous sommes heureux et fiers que tu aies fait partie de notre équipe!

Nous te souhaitons une belle et heureuse pension, profite bien de ton temps libre et de tes nombreuses futures parties de pétanque!

Ekipp:

Säit dem 1ten Dezember heesche mir d'Sahra an eiser Ekipp häerzlech wëllkomm:

- D'Sahra huet den 1ten Dezember bei eis ugefaangen an dem Marie-Rose säi Poste vu 16h/sem iwwerholl. Hatt huet een CDD bis den 31/08/2026 inclus a mir si frou dass hatt eis iwwer déi Zäit aushëlleft. Häerzlech Wëllkomm an eiser Equipe Sahra.

Équipe :

Nous souhaitons la bienvenue à Sahra, qui a rejoint notre équipe le 1^{er} décembre :

- Sahra a repris le poste de Marie-Rose, soit 16h/semaine, sous un contrat CDD jusqu'au 31 août 2026 inclus. Nous sommes heureux de pouvoir compter sur son aide. Bienvenue dans notre équipe, Sahra!



Aktivitéiten Allerhellege Vakanz:

Den 03/11/2025 hu mir mat de Kanner eng Schatzsich am Worré Park gemaach. D' Kanner hunn an e puer Etappe misste verschidden Aufgabe léisen. Op der Spillplaz beim Zärenhaus hunn si de Schatz fonnt a kruten dofir eng kleng Belounung.

De 07/11/2025 si mir mat de Kanner an den Escher Déiere Park gefuer. Nom Spadséiergang am Park gouf um Wee fir zeréck nach e Stopp zu Useldéng op der Grillplaz gemaach, wou d' Kanner zesumme mat den Educateuren hiert Mëttegiessen an Marshmallows gegrillt hunn.

Activités lors des vacances de la Toussaint :

Le 03/11/2025, nous avons organisé une chasse au trésor dans le parc Worré. Les enfants ont du résoudre différentes énigmes et réaliser quelques défis! Ils ont finalement trouvé le trésor dans la plaine de jeux du Zärenhaus et ont reçu une petite récompense.

Le 07/11/2025, nous avons emmené les enfants au parc des animaux de Esch. Après une belle promenade dans le parc, les enfants se sont arrêtés sur le chemin du retour à Useldange, où ils ont pu partager un chouette moment autour d'une grillade. Les enfants, aidés des éducateurs, ont pu ainsi cuire leur repas de midi, mais aussi griller quelques marshmallows!



Halloweensrallye:

Den 30/11/2025 hu mir e Rallye mat verschiddenen Statiounen duerch Reiden organiséiert bei dem sech d' Kanner och konnte verkleeden.

Si sinn a Gruppen agedeelt ginn a krute verschidden Aufgaben, déi si op hirem Wee duerch d' Duerf misste léisen. D' Zil war et der Hex Carlyn Funkelina hir Zauberfonken erëmfefanne fir dass si de Kanner eng Séissegkeeten-Zopp konnt kachen. Dobäi hunn si op de verschiddenen Statiounen nach missten divers Spiller, Rätselen, Puzzelen an Challenges durchfeieren. Ofschléissend huet als Belounung e vilfáltege Buffet an der Maison Relais op si gewaart, den si déi Deeg virdru selwer preparéiert hunn.



BamPlanz Challenge:

Mir als Maison Relais sinn och nominéiert gi fir ee Bam ze planzen. Aus der Bamplanz Challenge hu mir ee Projet mat de Kanner gemaach. Mir hunn d' Kanner gefrot wie gäre bei der Aktivitéit wéilt dobäi sinn a si konnten sech doropshi selwer aschreiwen.

Déi ageschriwwen Kanner hu mam Personal Iddie gesicht wéi si d'Challenge kéinten ëmsetzen. Mat de flotten Iddien vun de Kanner hu mir als Maison Relais ee Video erstallt an deem si een Deel dovunner sinn a mam Carlyn de Bam geplanzt hunn.

Op dësem Wee soe mir de Kanner nach eemol ee grouse Merci fir hir Hëllef an dee mega Video dee si selwer zesumme geschnitten an erstallt hunn. Ouni lech wier déi BamPlanz Challenge nëmmen hallef esou flott gewiescht :-)

Rallye d'Halloween :

Le 30/11/2025, nous avons organisé un rallye d'Halloween, comportant différentes étapes dans tout Redange. Les enfants devaient retrouver les ingrédients que la sorcière Carlyn Funkelina avait perdus, afin qu'elle puisse préparer sa délicieuse soupe de bonbons pour ceux-ci!

Les enfants, déguisés pour l'occasion, ont été répartis en groupes et ont reçu différents défis à réaliser sur le chemin, en plus des étapes telles que des jeux, des devinettes, des puzzles ou encore des défis. Pour reprendre des forces après une après-midi si remplie, les enfants ont pu profiter d'un buffet spécial, rempli de délicieuses choses cuisinées par les enfants eux-mêmes les jours précédents.



Challenge "Plante un arbre" :

Nous avons été nominés au "BamPlanz Challenge", et avons décidé de le réaliser avec les enfants, qui ont pu s'inscrire volontairement à l'activité.

Les enfants volontaires et l'équipe ont réfléchi ensemble à comment réaliser le challenge, et les bonnes idées des enfants ont été retenues pour réaliser la vidéo. Certains enfants ont aidé Carlyn à planter l'arbre.

Nous profitons de cet article pour remercier les enfants pour leur aide et la super vidéo qu'ils ont montée et réalisée ensemble. Sans vous, le "BamPlanz Challenge" n'aurait pas été aussi chouette!



Mir wënschen lech alleguernten ee gudde Rutsch an dat neit Joer 2026 a freeën eis op déi flott Momenter déi mir wäerten am neie Joer mat Äre Kanner zesummen erliewen.

Nous souhaitons à chacun d'entre vous une très belle année 2026!

Nous nous réjouissons déjà de pouvoir partager avec vos enfants des moments inoubliables en cette nouvelle année!

🐾 E Stopp fir de Mupp 🐾

Mir sammele Stëpp fir ee gudden Zweck!

Wéi a wou ?

Bréngt Kork-Stëpp an d'Schoul,
d'Maison Relais oder op d'Gemeng!
Beim Lift virun der Schoul steet
och eng Sammelkëscht.



Firwat?

D'ASA asbl financéiert
mat dëse Kork-Stëpp
d'Ausbildung vun Hënn
fir Mënsche mat
spezielle Besoinen.

Wat soss nach?

Plastiksstëpp gi net an
d'Sammelkëscht geheet!
Déi Gemeng déi di meeschte Kork-
Stëpp ofliwwert, gewënnt e
Wanderpokal an eng Demo vun
ASA.



S.E.A. Beiestack
Service d'éducation et d'accueil.



Par ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

CENTRE PAROISSIAL: 40, Grand'rue L-8510 Redange-Attert
Site: <https://cathol.lu/atertdall>

ÉQUIPE PASTORALE:

Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-doyen Tél: 661 746 852 jif@scj.lu
Père Antoine DO SCJ, vicaire T: +33 695 24 33 19 Mail: antoine.do@cathol.lu
Père Jacques BAGNOUD, subsidiaire Mail: jacques.bagnoud@cathol.lu
Père Vincent BILLOT, subsidiaire Mail: vincent.billot@cathol.lu

SECRÉTARIAT & COMMANDE MESSES Tél: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu Michèle ASSERAY, secrétaire

KRANKEN- & ALTENPASTORAL Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855 Marie Claire RASQUÉ

NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / EQUIPE DE FUNÉRAILLES - URGENCES Tél. 621 686 102

Neijoschdag 2026 – Weltfriddensdag

«Der Friede sei mit euch allen: hin zu einem
'unbewaffneten und entwaffnenden' Frieden!»

D'Pastoraléquipe wéinscht lech all e gudd Neit Joer 2026!

L'équipe pastorale vous souhaite à tous une bonne année 2026 !

Sonndig, de 4. Januar um 16.00 Auer an der Kierch zu Wahl:

LIDDER OP DRÄIKINNIKSDAG mat de Choralen Näerden & Wahl

Dimanche, le 4 janvier à 16h00 en l'église de Wahl:

CHANTS POUR L'ÉPIPHANIE Org: Choraes Noerdange et Wahl

Massen a Feierlichkeeten:

Dimanche, le 4 janvier à 18h30 à Redange: Messe en français 

Sonndig, den 11. Januar um 18.30 Auer zu Réiden: Owesmass

Dimanche, le 11 janvier au Centre spirituel de Clairefontaine (Arlon): Rendez-vous à 15h00 pour une **marche spirituelle** avec Père Antoine Do SCJ.

Sonndig, den 18. Januar um 18.30 Auer zu Réiden: Owesmass **zum Ufank vun der Gebietswoch fir d'Eenheet vun de Chrëschten (vum 18. bis 25. Januar 2026)**

Motto: «Ein Leib und ein Geist, wie ihr auch berufen seid...» (Eph 4,4)



Sonndig, de 25. Januar um 18.30 Auer zu Réiden: Owesmass (Weltlepradag)

De Masseprogramm fannt Dir an eisem Parbréif oder um Internet: <https://web.cathol.lu/article8890>

Consultez notre bulletin paroissial pour les dates des messes : <https://web.cathol.lu/article8890>

Sakramenter – Sacrements:

Baptême - confirmation - mariage

Toutes questions, informations, demandes ou inscriptions pour ces sacrements sont à adresser au secrétariat paroissial. Mail : atertdall@cathol.lu ou par téléphone au 23 62 10 53

Communion & catéchèse

Pour la préparation à la communion et pour l'inscription aux cours de catéchèse, veuillez envoyer un Mail à: inscription.cate.atertdall@gmail.com

Begrieffnispastoral - Equipe de funérailles

Notre équipe est à votre écoute pour l'organisation des funérailles :
Rendez-vous avec la famille, contact avec un prêtre et préparation de la cérémonie.
Permanence (7j/7) au téléphone : **621 686 102**

ABFALLKALENDER | CALENDRIER DES DÉCHETS

JANUAR | JANVIER

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
			01	02	03	04
05	06	07	08	09	10	11
12	13	14	15	16	17	18
19	20	21	22	23	24	25
26	27	28	29	30	31	

FEBRUAR | FÉVRIER

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
						01
02	03	04	05	06	07	08
09	10	11	12	13	14	15
16	17	18	19	20	21	22
23	24	25	26	27	28	

MÄRZ | MARS

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
						01
02	03	04	05	06	07	08
09	10	11	12	13	14	15
16	17	18	19	20	21	22
23	24	25	26	27	28	29
30	31					

APRIL | AVRIL

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
		01	02	03	04	05
06	07	08	09	10	11	12
13	14	15	16	17	18	19
20	21	22	23	24	25	26
27	28	29	30			

MAI | MAI

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
		01	02	03	04	05
06	07	08	09	10	11	12
13	14	15	16	17	18	19
20	21	22	23	24	25	26
27	28	29	30	31		

JUNI | JUIN

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
01	02	03	04	05	06	07
08	09	10	11	12	13	14
15	16	17	18	19	20	21
22	23	24	25	26	27	28
29	30					

JULI | JUILLET

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
		01	02	03	04	05
06	07	08	09	10	11	12
13	14	15	16	17	18	19
20	21	22	23	24	25	26
27	28	29	30	31		

AUGUST | AOÛT

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
					01	02
03	04	05	06	07	08	09
10	11	12	13	14	15	16
17	18	19	20	21	22	23
24	25	26	27	28	29	30
31						

SEPTEMBER | SEPTEMBRE

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
	01	02	03	04	05	06
07	08	09	10	11	12	13
14	15	16	17	18	19	20
21	22	23	24	25	26	27
28	29	30				

OKTOBER | OCTOBRE

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
			01	02	03	04
05	06	07	08	09	10	11
12	13	14	15	16	17	18
19	20	21	22	23	24	25
26	27	28	29	30	31	

NOVEMBER | NOVEMBRE

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
						01
02	03	04	05	06	07	08
09	10	11	12	13	14	15
16	17	18	19	20	21	22
23	24	25	26	27	28	29
30						

DEZEMBER | DÉCEMBRE

Mo/Lu	Di/Ma	Mi/Me	Do/Je	Fr/Ve	Sa/Sa	So/Di
	01	02	03	04	05	06
07	08	09	10	11	12	13
14	15	16	17	18	19	20
21	22	23	24	25	26	27
28	29	30	31			

Feiertag / Jour férié
Schulvakanz / Vacances scolaires

Haushaltsoffall
Déchets ménagers
Bio Offall
Déchets biologiques
Pabeier
Papier
VALORLUX

Glas
Verre
Superdreckschëscht

Sperrmüll
Déchets encombrants
Alt Eisen
Ferraille

Al Kleeder
Vieux vêtements
Kollekt Chrëschtbeemercher
Collecte des sapins de Noël